**Question écrite n°829** - Sujet : Cadeaux pour les enseignants

**Auteur(s)** : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
**Destinataire(s)** : Monsieur Claude Meisch, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
**Date limite de réponse à la question** : 08-02-2015

**Evènement(s) :**

| Date | Description | Liens |
|---|---|---|
| 08-01-2015 | Dépôt de la question | Document écrit de la question |
| 08-02-2015 | Délai de réponse dépassé | |
| 11-02-2015 | Réponse écrite de Monsieur Claude Meisch, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Document écrit de la réponse |

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 JAN. 2015
829

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Unterrichtsminister weiderzeleeden.

No Reportagen a verschiddenen däitsche Medie wär viru kuerzem zu Berlin eng Léierin zu enger héiger Geldstrof veruerteelt ginn, well si e Cadeau vun hire Schüler ugeholl hätt. Dat stellt och hei zu Lëtzebuerg d'Léierpersonal viru Froe vun der Rechtssécherheet an der Deontologie.

Dowéinst wollt ech dem Här Unterrechtsminister dës Froe stellen:

1. Wéi eng aktuell rechtlech Grondlage bezéien sech op d'Fro vu Cadeauen am Enseignement?
2. Ass et dem Léierpersonal erlaabt, Cadeauen unzehuelen a wa jo bis zu wéi engem Wäert?
3. Wa jo, kënnen dat individuell Cadeaue vu Schüler oder Eltere sinn oder mussen et kollektiv Cadeaue sinn (z.B.vun enger Klass oder vun enger Elterevereenegung wann eng Léierpersoun an d'Pensioun geet)?
4. Kënnen sou Cadeaue während dem Schouljoer ugeholl ginn oder ëmmer eréischt nom Ofschloss vun alle Prüfungen an Examen?
5. Sollt et keng Regele ginn, denkt d'Regierung drun, dës Fro rechtlech ze klären?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Coordination générale

Luxembourg, le 11 février 2015

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
12 FEV. 2015

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne: question parlementaire N° 829 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 11 février 2015

Coordination générale

Monsieur le Président de la Chambre des
Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 829 du Député Fernand Kartheiser**

Am Enseignement gëllen déi selwecht rechtlech Grondlage wéi beim Rescht vun der Ëffentlecher Funktioun.

Wéi an Däitschland ass et och hei zu Lëtzebuerg dem Fonctionnaire prinzipiell net erlaabt, Cadeauen unzehuelen, well him dat als Bestiechlechkeet ausgeluecht ka ginn oder hien nogesot kéint kréien, datt en sech domadder spezifesch Virdeeler verschaaft.

Am Statut général des Fonctionnaires de l'État steet ënner Artikel 10 §3 :

« Le fonctionnaire ne peut solliciter, accepter ou se faire promettre d'aucune source, ni directement ni indirectement, des avantages matériels dont l'acceptation pourrait le mettre en conflit avec les obligations et les défenses que lui imposent les lois et les règlements et notamment le présent statut. »

Och de Code pénal ass an dëser Fro ze applizéieren. Am Artikel 246 steet :

« Sera puni de la réclusion de cinq à dix ans et d'une amende de 500 euros à 187.500 euros, le fait, par une personne, dépositaire ou agent de l'autorité ou de la force publique, ou chargée d'une mission de service public, ou investie d'un mandat électif public, de solliciter ou de recevoir, sans droit, directement ou indirectement, pour elle-même ou pour autrui, des offres, des promesses, des dons, des présents ou des avantages quelconques ou d'en accepter l'offre ou la promesse :

1° Soit pour accomplir ou s'abstenir d'accomplir un acte de sa fonction, de sa mission ou de son mandat ou facilité par sa fonction, sa mission ou son mandat;
2° Soit pour abuser de son influence réelle ou supposée en vue de faire obtenir d'une autorité ou d'une administration publique des distinctions, des emplois, des marchés ou toute autre décision favorable. »



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

Et muss een awer bedenken, datt en Enseignant an eng konfliktuell Situatioun kënnt, wann hien e klenge Cadeau oder eng Opmierksamkeet, déi e vun eenzelne Schüler oder enger ganzer Klass iwwerreecht kritt, ofleent, besonnesch wann et sech ëm kleng Kanner handelt, déi den Enjeu net verstinn, an déi hie mat engem kategoresche Refus eventuell widder de Kapp stéisst. An deem Kontext ass et normal a gängeg Praxis, datt en Enseignant kleng Cadeauen unhuele kann, ouni datt en sech dem Verdacht aussetze muss, eng Strofdot begaangen ze hunn. Hei e bestëmmte Wäert unzeginn ass problematesch, well een eng Zouwendung am Sënn vum Code pénal net just ënner materiellen Aspekter kann definéieren.

Bleift unzemierken datt et, wéi am zitéierte Fall vu Berlin, awer och fir déi Leit Problemer kënne ginn, déi e Cadeau maachen. Den Artikel 247 vum Code Pénal gesäit nämlech och Strofe fir déijéineg Persoune vir, déi versichen e Fonctionnaire mëttels Cadeauen ze beaflossen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse